

deem, wat mer virun zwee, dräi Joer gesot hunn, an datt et eigentlech net esou war - wéi den deemolege Bauteminister gemengt hat -, datt mer géingen egal wat zielen.

Duerfir, wéi gesot, freet et eis ëmsou méi, datt d'Chamber elo à l'unanimité déi Theesen, déi mer virun zwee, dräi Joer opgestallt hunn, hei mat dëser Motioun confirméiert.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Här President, ech sinn d'accord fir déi Motioun hei matzestëmmen, déi an där zoustänneger Kommissioun élaboréiert ginn ass, an där mir zwar als Partei net vertritt sinn. Ech mengen, dat, wat do dra steet, dat ass alles ze ënnerstëtzen.

Ech stelle mer just Froen, wann hei gesot gëtt, d'Mme Minister géif mengen, et wier net méiglech Dekonten opzestelle bei Projeten, no gewësse Prinzipien, déi mir awer selbstverständlech schéngen, wéi zum Beispill, eng Ventilatioun vum Décompte final no Corps-de-métieren ze maachen oder den ursprüngelech veranschlagte Präis ze vergläiche mam Coût final oder zum Beispill eng Kreditiwwerschreiwung ze justificéieren.

Da schéngen dat mer awer normal Donnéeën ze sinn. Déi misst och esou een Décompte final kënne respektéieren. Wann dann elo hei d'Ministesch opgefuerdert gëtt "de lui soumettre une formulation d'une disposition législative sur les décomptes publics pouvant être respectés dans la pratique", da sinn ech awer gespaant, wéi déi Formulierung dann anescht soll ausgesinn.

Ënnert där Reserv wëll ech dann awer hei déi Motioun stëmmen.

**M. le Président.**- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kéimen dann zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun.

Ass ee Vote électronique verlaangt?

**(Négation)**

Mir stëmmen elo of par main levée.

**Vote**

Déi dofir si si gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ech stelle fest, dass bei 3 Abstentiounen d'Motioun ugeholl ass.

**(Interruptions)**

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4901 iwwert d'Organisatioun vum Enseignement an der Primärschoul. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Sunnen, Scheuer, Meisch, Colombara, Garcia an Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Mme Agny Durdu.

## 9. Projet de loi 4901 modifiant l'article 71 de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire

**Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports**

**Mme Agny Durdu (DP), rapportrice.**- Här President, Dir Dammen an Hären, entschëllegt, datt ech kuerz bis eraus wor.

Bei deem Projet de loi, deen eis haut virläit, geet et ëm d'Reform vum Inspektorat. Den Inspektorat huet am Fong geholl seng legal Basis 1993 kritt an deemools wore 16 Inspektore virgesinn.

Bei deem Gesetz, wat eis haut virläit, sinn eng Partie Ëmännerungen agefouert ginn, déi menger Meenung no wäerten dozou bäidroen, datt de Schoulsystem wäert an der Qualitéit kënnen zouhuelen, an datt virun allem d'Zesummenaarbecht, déi mer an der Schoul zwëschent den Acteure brauchen, sech ka verbessern.

Wat ass d'Optik vun dësem Gesetz? Fir d'éischt emol geet et drëm, fir d'Missioun vum Collège des Inspecteurs erëm mat Précisioun festzehalen. Mir konnten där fënnef am originalen Text vun der Regierung erëmfannen, an zwar d'Koordinatioun vun der Surveillance an de Schoulen a vun der pedagogescher an der administrativer Aarbecht vun den Inspektoren, d'Elaboratioun vun Avisen zu de Froen, déi vum Ministère gestallt ginn, an dann Données de bases ze sammelen, fir d'Organisatioun an d'Definitioun vu pedagogesche Kenntniss an Orientatiounen ze verbessern.

Da goug et awer och drëm, fir e Support administratif fir d'Inspektioun am Enseignement primaire ze fannen, an et goug elo drëm, wat eng absolut Nécessitéit ass, bei der Formation continue vun den Enseignanten eng wichteg Roll ze spillen.

De Collège des Inspecteurs kritt also hei genau, kloer Missiounen zougedroen, déi ëm wäerten erlaben, seng Aarbecht beschtméiglechst ze maachen.

De Statsrot huet a sengem Avis, dee mer zougestallt kruten, awer gemengt, et sollt een expressis verbis eng sechst Missioun opféieren, déi souwisou géing aus der Philosophie vum Gesetz erauskommen an déi och am Projet de loi iwwert d'Chargés de cours géif stoen, an zwar éischstens, dass d'Inspektoren hire Bäidrag leeschten zur Formatioun vun de Chargés de cours. Zweetens: De Collège des Inspecteurs huet och eng Roll ze spillen an der Gestoun vun der Réserve nationale vun deene Chargés de cours, déi wäert geschafe ginn, also sollt een dat och als Missioun hei an den Texte gouvernemental aféieren an dat hu mer dunn als Kommissioun och zrëckbehalen.

Wat ass d'Kompositioun vum Collège des Inspecteurs? Et ass festgehalen ginn, datt mer wäerten an Zukunft een Inspecteur général hunn. De Regierungstext hat 18

Inspektore virgesinn, an deem neien Text sinn der 19 virgesinn - ech wäert do drop zrëckkommen -, an zwee Inspektoren, déi eng Mission spécifique sollen operluegt kréien.

Firwat d'Zuel vun den Inspektoren eropsetzen? 1993, do wore mer bei 16 Inspektoren, an deemools ass gemengt ginn, dat géif de Besoinen entsprechen. Mëttlerweil hu mer awer festgestallt, dass dat net méi esou ass. Wann ech elo mol d'Kap als Buergermeeschter opdinn, da wësse mer, datt de Besoin an de Réckhalt, deen ee gären hätt bei engem Inspekter, ëmmer méi intensiv gëtt. Mir hunn awer och d'Elteren, déi ëmmer mat méi Problemer an ëmmer mat méi verschiddene Problemer un d'Inspektore gäre géifen erunrieden. Dann ass et och ganz einfach de Fait, dass d'Schoulpopulatioun an der Zuel wisst, mä awer och an der Zesummesetzung ëmmer méi Problemer opwerft, a mir hunn nei Projeten, déi agefouert goufen, wéi d'Education précoce, wou also onweigerlech e Surplus un Aarbecht op se duerkënnt. An dann natierlech och d'Ofschafung vum Opnahmexamen, wou dann awer ganz vill Aarbecht muss gemaach ginn an der Zesummenaarbecht mam Léierpersonal am sechste Schouljoer.

Aus deene Grënn eraus huet dës Regierung d'Décisioun geholl, fir d'Zuel vun den Inspektoren op 18 mol eropzeschrauwen. De Statsrot huet d'Analys vum Text gemaach, ass awer zur Konklusioun komm, datt et vläicht wichteg wär en 19. Inspekter virzegesinn. D'Particularitéit vun deem 19. Inspekter ass, dass en net onbedéngt eng territorial Ubannung huet wéi déi aner 18, mä dass en zoustänneg ass fir d'Ecole européenne, fir d'Privatschoulen ausser d'Sainte-Sophie, an ebe fir d'Ecoles privées à régime linguistique.

Deen 19. Inspekter huet och déi nämlechte Ausbildung, ass deeselwechte Fonctionnaire, wann ech dat emol esou dierf soen, wéi déi aner 18, mä en ass am Fong geholl manner Inspekter wéi een, dee sech drëm bekëmmert, zwëschent deene méi spezielle Schoulen an dem Ministère eng beschtméiglech Liaison duerstellen, auseschaffen a bäizebehalen. Mir kruten och erkläert an der Kommissioun, dass deen een oder anere Schoulmeeschter emol eng Kéier an esou eng Schoul eriwuerwiesselt an dass et dann och wichteg ass, dass de Kontakt zwëschent deem Enseignant a sengem Inspekter, oder dem Inspektorat als Ganzt, erhale bleift.

Den Inspecteur général, dat ass dann de Chef hiérarchique vun deem Ganzen. Him fällt d'Missioun dann och zou fir ze koordinéieren an de Groupe zesummenzehalen.

Et besteet d'Méiglechkeet, zwee Inspecteurs affectés à des missions spécifiques ze recrutéieren, déi ëmmer geméiss de Besoinen, déi sech grad mam Inspektorat stellen, agesat ginn.

Kuerz wollt ech och agoen op den Artikel 8 vun dësem Gesetzestext dee virgesäit, dass d'Zuel vun den Inspektore kann dépasséiert gi fir bestëmmte Situatiounen. Mir ha-

ten an der Kommissioun doriwwer eng Diskussioun gehat, well et du geheescht huet: "Ass dat doten net eng Méiglechkeet fir de Minister, fir op eemol sech Personal zouzeleeën, wat net méi ënnert der Kontroll vun der Chamber ass?"

Mir haten dunn déi Diskussioun mat de Représentantë vum Ministère gefouert a kruten erkläert, dass et sech am Fong geholl an deem Text hei géing ëm véier Persounen dréinen, déi speziell Missiounen haten an nach hätte momentan. An zwar sinn et Leit, déi agebonne sinn an de SCRIPT, an der Recherche, am Centre universitaire oder am ISERP. Mä vu datt an deem nämlechten Artikel awer och steet, datt, soubal wéi dës Leit reintégréiert ginn an de Kader, dann och dee Posten oder déi Plaz do opgeléist gëtt, si mer der Meenung, dass dësen Artikel 8 einfach eng Regularisatioun oder eng Adaptatioun vun deene véier Persounen ass a kee Risiko a sech biergt, dass do e Pool entsteet, gewëssermoossen, laanscht de Wëlle vum Législateur.

De Statsrot huet awer och nach déi gutt Iddi gehat, fir ze soen, dass de Collège des Inspecteurs net sollt, wat an deem alen Text virgesinn ass, verzichten, fir sech d'Méiglechkeet ze ginn, duerch ee Règlement grand-ducal säi Fonctionnement ze regelen. Deementspreechend hu mer an der Kommissioun déi Proposition de texte, déi de Conseil d'Etat gemaach huet, zrëckbehalen.

Dëst Gesetz, wat mer awer haut da wäerten hoffentlech stëmmen, bréngt awer nach zwou aner Modificatiounen eran, déi menger Meenung no wäerten enger méi noer Schoulbildung zegutt kommen. Éischens geet et ëm d'Zuel vun den Arrondissementer erop. Hei kommen ech dann nach eng Kéier op déi Problematik oder op déi Situatioun do zrëck, datt mer also 19 Inspektoren hunn an am Fong geholl 18 Arrondissementer, a, wéi gesot, deen 19. Inspekter huet dann een e bësse méi partikulaart Arrondissement. Déi aner 18 Arrondissementer sinn awer territorial gebonnen. Wat déi Arrondissementer sinn, dat konnte mer direkt gesinn, well bei dësem Projet de loi woren erëm zwee Projets de règlements grand-ducaux bäigefügt, an do ass deen een, deen eben déi 18 Arrondissementer virgesäit. Wou een also ganz kloer gesäit, dass déi territorial ganz gutt opgedeelt sinn, a wou se probéieren der Schülerzuel Rechnung ze droen, fir datt méiglechst all Inspekter déi nämlechte Aufgab huet an och déi nämlechte Zuel Kanner, oder wann e manner Kanner huet, huet en ebe vläicht méi Problemer oder méi Besoinen an Hin- an Hierfueren.

Wéi sollen déi Bureaue fonctionnéieren? Dat ass am Fong geholl déi ganz grouss Nouveautéit, déi bei dësem Gesetz agefouert gëtt, a wou dës Regierung, déi sech och fir eng Régionalisatioun asetzt, hei op alle Fall dësem Prinzip nokënnt.

Dat engt ass emol éischens, datt et e Bureau national gëtt. Dat ass awer keng Nouveautéit, well et besteet ewell e Bureau national zu Walfer am ISERP, an dee bleift

natierlech och als solche bestoen. Quitte datt, wann den ISERP ëmmer méi grouss Besoinen a Localitéite kritt, da muss ee sech vläicht eng Kéier d'Fro stellen, ob en do ka bleiwen. Mä ech mengen, dat ass Zukunftsmusek an dat ass och net den Haaptproblem. Et ass haaptsächlech wichteg, dass et e Bureau national gëtt, dass deen do ass an dass deen och bestëmmte Missiounen kritt, deen do senge Missiounen nokënnt, déi en och bis ewell hat, respektiv déi en duerch dëst Gesetz kritt, datt en deenen dann och kann nokommen.

Wat awer ganz besonnesch wichteg ass, dat ass d'Aféierung vun de Bureau-régionalen. Där ginn elo sechs virgesinn, verdeelt iwwert d'ganz Land.

Wat sinn déi Missiounen, déi deene Bureau-régionalen zoukommen? Déi Tâche sinn am Artikel 11 opgeléicht, an zwar sinn et déi administrativ Aufgaben, déi an deenen eenzelnen Arrondissementen ufalen, d'Informatioun un d'Elteren, wat absolut prioritär ass. Dann ass et, fir d'Réserve de suppléants ze géréieren, déi mer jo d'lescht Woch geschafen hunn oder d'Gesetz op alle Fall gestëmmt hunn, wat d'Méiglechkeet vun dëser Schafung erméiglecht, statistesch Donnéeën ze sammeln, Archiven ze géréieren an och pedagogesch an didaktesch Material ze sammeln an et zur Verfügung ze stellen duerch Prêsméiglechkeeten.

Dëst ass eng absolut Nouveautéit an ech mengen et ass wichteg, dass esou Bureau-régionalen entstinn. Well eleng als Gemenge wësse mer wéi et ass wann ee soll mat sengem Inspekter schwätzen. Wann een nämlech e gudden Inspekter huet, dann ass deen dauernd ënnerwee an et weess een net, wou e grad ass. Dee manner gudden, dee fënnt een da vläicht, mä dee gëtt engem net déi néideg Informatiounen. Dowéinst ass et och wichteg, dass d'Inspekteren deen néidege Support kréie fir kënnen effektiv ze schaffen, an déi Bureau-régionale bidden hinnen dës Méiglechkeeten.

Nach eng Kéier drop higewisen: Et gi sechs Bureau-régionalen an et ginn 18 Arrondissementen. Wou déi Bureau-régionale virgesi sinn, dat ass och an deem Projet de règlement grand-ducal, dee mer virgeluegt kruten, virgesinn, sou datt och hei keng gréisser Diskussiounen iwwer Land méi wäerten entsoen.

Da kommen ech nach op den Artikel 13 vun dësem Projet de loi ze schwätzen. Do wor eng kleng Mësstëmmung - wann ech dat emol esou därfo soen - entstanen, well do goung et ëm déi Commissions médico-psycho-pédagogiques, CMPPen am Jargon, wou et virgesi war am initialen Text, dass déi annexéiert wäeren un déi Bureau-régionalen. Dat Wuert "annexé" schéngt mer ëmmer e bestëmmte Bäigeschmaach ze hunn, an och de Statsrot huet gemengt, déi Textformulatioun, déi am Regierungstext ass, wier net gutt. Dofir huet en en Textvorschlag gemaach, dee mer an der Kommissioun gutt geheescht hunn, well et nämlech esou ass, dass de Regierungstext esou hätt kënnen interpretéiert ginn, wéi wann déi CMPPen och

wäre reduzéiert ginn op sechs. Or, dat war ni, ni d'Ausrichtung vun der Regierung gewiescht. Au Contraire, de Wonsch ass am Fong geholl, dass eng CMPP soll pro Arrondissement bestoen. Déi bestehend CMPPe ginn och net opgeléist, a si ginn och net onbedéngt bei de Bureau régional gesat, dat muss sech eben aus der praktescher Organisatioun erginn. Mä déi Kommissiounen sinn Unitéiten, déi schaffen, an déi solle mat de Bureau-regionalen oder an de Bureau-régionalen mam Inspekter schaffen, an déi CMPPen sollen also net an der Zuel reduzéiert ginn an och net an der Lokalisatioun. Dofir ass am Text och virgesinn "sont localisées dans la mesure du possible". Et ass op alle Fall net de Wonsch, fir déi op sechs ze reduzéieren.

Den Artikel 14 vum Gesetzestext gesäit dann och vir, dass Fonctionnaire rekrutéiert kënnen ginn, fir dass och déi administrativ Bureau-régionalen richteg fonctionnéiere kënnen. Den Artikel 15 gesäit dann och nach déi budgetär Mëttele vir, déi si müssen, fir dass dës Büroen och deementspreechend ageriicht kënnen ginn, no de Besoine vun eiser Zäit.

Ech wollt zum Schluss nach drop agoen, dass an der Fiche financière, déi mer dobäigeluegt kruten, zwou Erreurmateriellen am Fong geholl waren. Déi eng war méi eng Onkloerheet gewiescht, ob et fënnef oder sechs Bureau-régionalen sinn. Fir et nach eng Kéier ze bekräifegen: Et ass ee Bureau national an et sinn sechs Bureau-régionalen, déi virgesi sinn. Sollt déi Fiche financière do net déi leschten Däitlechkeet oder déi lescht Informatioun ginn, da wollt ech dat mat dësem mëndleche Rapport riicht gebéit hunn.

Da war nach ee Problem a puncto Punkten, déi virgesi sollte si fir den Inspekter respektiv fir de Redakter. Do war eng Erreur matérielle gewiescht an dat ass vum Ministère nogekuckt ginn. Dat si bei de Redakteren 350 Punkten. Déi Punktezuel, déi fir d'Inspektoren virgesi war, war eng Erreur matérielle an der Fiche financière. Dat wollt ech och nach eng Kéier hei extra gesot hunn.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren déi Erklärungen, déi ech wollt ginn zu dësem Gesetzestext, dee menger Meinung no dozou bäidroen wäert, dass d'Aarbecht um Terrain vun den Inspektoren ka bestméiglech gemaach ginn. Si kréien ëmmer méi eng wichteg Roll. Si ginn ëmmer méi intensiv gebraucht an der Gestoun vun de Problemer, déi entstinn an der Schoul. Si sinn déi Kontaktpersonen, déi d'Gemenge gären, a wa méiglech dauernd, zur Verfügung hunn, leschtendlech, besonnesch, wann elo d'Leschten opgestallt ginn, vun de Problemer, déi optauchen an der Schoul. Si sinn och déi Pedagogen, déi am beschten a Verbindung sti mam Léierpersonal, déi also och dat begleet kënnen. Si sinn och déi, déi am beschten och hir Informatiounen, déi se wierklech um Terrain sammeln, un de Ministère viru kënnen ginn, fir dass och do déi Reforme geholl kënnen ginn, déi sech als néideg erweisen.

Mat dësen Erklärunge géif ech d'Plénière dann och bieden, dëse Gesetzestext ze stëmmen. Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Fred Sunnen agedroen. Den Här Sunnen huet d'Wuert.

### *Discussion générale*

**M. Fred Sunnen (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur, der Mme Durdu, merci soe fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Et ass gewosst, datt eist Schoulgesetz vun 1912 trotz sengen Ofännerungen, Verbesserungen a munche Makulaturen, déi verschiddeleche am Laf vun der Zäit duerchgefouert gi sinn, net méi de gëeegente Kader duerstellt, an deem eise Spillschouls- a Primärsschoulunterricht sech um Ufank vum 21. Joerhonnert bewege soll.

An deenen 90 Joren, wou dëst Gesetz besteet, huet sech eis Gesellschaft an domat och seng Schoulpopulatioun grondleeënd geännert. Eis Gesellschaft ass net méi ze vergläiche mat där vum Ufank vum 20. Joerhonnert. D'Uspréch un d'Enseignanten, d'Schüler an d'Eltere si ganz anerer wéi deemools. D'Definitioun vun de Strukturen an Inhalter, déi op de weiderféierenden Unterricht, de Post-primaire, an op d'Aarbechtswelt axéiert an ausgeriicht musse sinn, hu fundamental changéiert. Datselwecht gëlt fir d'Qualitéit vum Enseignement préscolaire a primaire, deene jo an deene leschte Joren de Précoce virgeschallt gouf, a wou besonnesch eis Auslännerkanner eng wonnerbar Geleeënheet hunn, d'Lëtzebuerger Sprooch beherrschen ze léieren, an domat mat méi grouse Chancen am obligatoreschen Unterricht starte kënnen.

Am Projet de loi 4901 geet et drëm, fir den Artikel 71 vum ale Schoulgesetz, dee vum Inspektorat schwätzt, ëmzeännern, an eng nei Form ze géissen, an zousätzlech Strukturen anzeféieren, déi den Ufuerderunge vun eiser heiteger Zäit gerecht ginn.

E Gremium vun Inspekteren, e sou genannte Collège, ënnert der Hierarchie vun engem sou genannten Oberinspekter, lokaliséiert zu Walfer, ass fir d'ganz Land zoustänneg, fir déi vielfälteg a spezifesch Aufgaben an den eenzelnen Arrondissementen um Terrain unzegoen an ze bewältegen.

De Gesetzesprojet, mat deem mer et haut ze dinn hunn, soll de Collège des Inspecteurs nei organiséieren, an eng Partie Axen a Kompetenzen definéieren, ähnlech, wéi dat de Fall ass fir déi zwee Collèges des Directeurs am Enseignement postprimaire, de Secondaire an de Secondaire technique. Et ass kloer, datt d'Missiounen vun den Inspektore méi vielfälteg, awer och méi komplex gi sinn. Si limitéiere sech net nëmme méi op dat Pedagogesch an dat Administrativ vun den Aufgaben, an net eleng op d'Tatsaach, en Ausféierungsorgan an e Bindeglied zum Ministère ze sinn, fir pedagogesch a schoulpolitesch Orientatiounen ëmzesetzen.

### *(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)*

D'Inspekteren zeeche verantwortlech fir d'Weiderbildung vun den Enseignanten. De Statsrot huet am Avis zu dësem Gesetz suggéiert, dass als nei, wichteg Missioun d'Organisatioun vun der Formation en cours d'emploi fir d'Chargés de cours aus dem Spillschouls- a Primärschoulunterricht dobäikomme misst, grad esou wéi d'Gestioun vun der Réserve des suppléants fir déiselwecht Unterrichtstypen, déi duerch d'Gesetz vum 19. Juni 2002 definéiert an agefouert gouf. D'Educatiounskommissioun vun der Chamber huet de Bien-fondé vum Avis vum Statsrot agesinn an d'Formuléierung vum héije Gremium iwwerholl.

Dëst Gesetz iwwert d'Chargéen ass e ganz wichtegt. No laangem Hin an Hier steet de Gemenge lo en Instrument zur Verfügung, dat, wann och net op alle Punkten, awer eng Panoplie vu Froe regelt. Dem Life-long-learning kënn virun allem bei de Chargéen am Spillschoul- a Primärschoulunterricht eng Schlësselroll zou. Dofir hoffe mer, dass d'Inspektorat der Wichtigkeet vun der Formation continue an engem grouse Mooss gerecht gëtt.

D'Zesummesetzung vum Collège des Inspecteurs soll an Zukunft folgendermoossen ausgesinn: 18 Inspekteren, déi sech iwwert d'Land déiselwecht Zuel vun Arrondissementen opdeelen; en Inspekter, deen a senger Kompetenzen d'Klassen aus der Europaschoul, de Privatschoulen a vun deene Schoulen huet, déi en eegenen a spezielle Sproocheregime enseigner. D'Aféierung vun dësem neien, nonzëngten Arrondissement ass vun der Commissioun begréisst ginn. Déi genannten Zuel kann iwwerschratt ginn, wann eenzel Inspektore mat Aufgabe be- traut ginn, déi iwwert hir eigentlech Missioun vum Inspektorat erausginn; heizou gehéieren d'Aarbechten an der Recherche, déi am Cadre vum Centre universitaire, vum ISERP a vum SCRIPT geleescht ginn an eng Tâche hors cadre fir déi betreffen Inspekteren duerstellen.

De Rôle an d'Kompetenze vum Oberinspekter, dem Inspecteur général, wéi en hei genannt gëtt, si prezis definéiert. Hien ass den hierarchesche Chef vun allen Inspekteren, de President, deen de Collège leet, an en zeechent verantwortlech fir d'Politik vum zoustännegen Minister am Précoce, an der Spillschoul an an der Primärschoul mat senger Leit a Musek ëmzesetzen.

Déi grouss Neierung awer, déi mat dësem Gesetz zum Droe kënn, ass d'Iddi, eng Regionalisatioun vum Inspektorat anzeféieren. Bis elo war et en administrativ schwéierfällige Wee, fir d'Gemengeverwaltungen a virun allem fir d'Elteren, wa se den Inspekter gebraucht a gesicht hunn. Déi 19 Arrondissementen hunn an Zukunft regional Büroen mat eegenen Strukturen a Budgetsmëttelen zur Verfügung. Et gëtt der am Ganze sechs, fir déi e Règlement grand-ducal déi prezis Localisatioun definéiert. Fir déi nei geschafenen administrativ Strukturen gi Beamten um Niveau vum Redakter rekrutéiert, sou wéi den Avis vum Statsrot dat virgesäit.



De Virdeel läit op der Hand. Déi concernéiert Fonctionnairen, déi permanent op der Plaz sinn, kënnen d'Kontakter zur Regioun fir déi eenzel Inspekteren opbauen an ënnerhalen, well se op all spezifesch Demanden, Suggestiounen a Wënsch agoe kënnen, déi fir eng bestëmmte Regioun typesch sinn.

Am Exposé des motifs gëtt vum Statsrot de Wonsch ausgedréckt, no Méiglechkeet eng Consultatioun fir d'Servicer vun der Education différenciée an eng Commission médico-psycho-pédagogique unzeglidderen, ouni awer déi respektiv Servicer mateneen ze vermëschen an ouni déi Strukturen opzeginn, déi elo schonn um Niveau vun den Arrondissementer bestinn. Duerch d'Regionalisatioun vum Inspektorat gëtt de villfach vermëssten Dialog tësche Gemengen, Elteren, Léierpersonal an Inspektorat optiméiert.

Ech wëll an dësem Kontext drun erënneren, dass d'PISA-Etüd Lacunen um Niveau vum Dialog op eng flagrant Aart a Weis un den Dag bruecht. An dësem Kontext ass de Projet de loi dofir och als e Bausteen um Wee zum verbesserte Mateneen tëschent den eenzelne Schoulacteuren ze verstoen.

Als Buergermeeschter vun enger grousser Gemeng begreissen ech dës Neierungen, déi d'Kontakter tëschent dem lokale Schoulkommissiounsbüro, an doriwwer eraus de Gemengen, mat dem Inspektorat preziséieren an erlichtere wäerten. Den zoustännegen Inspekter ka sech endlech op seng eigentlech pädagogesch Aufgabe konzentréieren, eng wierklech Hëllef fir d'Eltere ginn, a schlussendlech kënnen d'Relatiounen an d'Zesummenaarbecht mat de Gemengenautoritéiten nëmme gewannen.

Ech mengen, dass déi Gesetzter fir d'Education, déi mer gestëmmt hunn, kleng, awer wichteg Schrëtter duerstellen. De Gesetzestext vun haut mécht do keng Ausnahm. Aus dësen Iwwerleeungen eraus wëll ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz ginn.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Merci, Här Sunnen. Nächste Riedner ass den Här Scheuer. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jos Scheuer (LSAP).-** Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech widderhuelen net, oder ech versichen net ze widderhuelen, wat d'Mme Rapportrice gesot huet, an och net dat, wat den Här Sunnen gesot huet. Ech soen der Mme Durdu merci fir de schréffleche Rapport, ech soen och merci fir de mëndleche Rapport, an och fir d'Aart a Weis, wéi d'Aarbecht an der Kommissioun gelaf ass, virun allem fir déi Kulanz, déi si an och d'Majoritéit gewisen hunn, fir déi Propositione vum Conseil d'Etat ze iwwerhuelen. Dat huet dozou gefouert, datt d'Gesetz, dat mer haut virleien hunn, nettement besser ass wéi dat, wat ursprüngelech virloug.

Mir stëmmen haut e Gesetz, dat ganz bestëmmt am Intérêt vum Inspektorat ass. Mir stëmme keng Reform

vum Préscolaire oder vum Primaire, mä mir stëmmen e Gesetz, dat eng Verbesserung bréngt vun de Relatiounen tëschent dem Inspektorat an dem Enseignement an all deenen, déi mam Enseignement ze doen hunn. Ech schécke virewech: Et ass en noutwendegt Gesetz, an ech fannen, datt d'Mme Minister relativ bescheide war an hiren Uspréch, datt een nach méi hätt aus deem Gesetz maache kënnen. Et hätt ee méi fuerdere kënnen, a, Mme Minister, Dir hätt et och vun der Chamber zougestane kritt. Ganz bestëmmt!

Et ass en noutwendegt Gesetz, wat de Fonctionnement vum Inspektorat regelt. D'Inspektore waren e bëssen an der Vergaangenheet des personnes à part, déi hir Büroen doheem haten, déi zu bestëmmten Auerzäiten ze erreeche waren. Munchmol hate se mol keen eegene Raum fir hire Büro ze maachen. Se waren e bësse sou fräischaffend Kënschtler, relativ wäit vum pädagogesche Schoss. Munchmol ass de Schoulmeeschter se mam Auto op d'Gare siche gaangen, fir datt se konnte bei him Kontroll maachen. Si ware Verbindungen a Verbindungsleit tëschent der Schoul, tëschent der Gemeng an tëschent dem Stat. Dat si se och nach haut. Dorunner ännert sech näischt.

D'Zäiten hu geännert, d'Ufuerderunge si ganz, ganz anerer ginn un den Inspektorat, wéi dat virun zwanzeg an drësseg Joer de Fall war, an ech schléisse mech do deem un, wat den Här Sunnen gesot huet.

Ech huelen e puer positiv Elementer aus deem Gesetz elei ervir. Éischtens, positiv ass, dass d'Zuel vun den Arrondissementer eropgesat gëtt, vun 18 plus 1 op 19; den 19. ass quasi ee "poste hors nombre". Ech wollt do mol einfach eng Fro stellen. Ech hat am Ufank gesot, datt d'Mme Minister relativ bescheide war oder ass an hiren Usprech. D'Chambre des fonctionnaires et employés publics, déi jo awer soss e grousst an opent Ouer fënnt, huet gesot, se wär der Meenung, datt 22 bis 23 Arrondissementer éischter de Besoinen ugepasst wäeren. Fir de Moment oder an Zukunft gi vun engem Inspekter ongeféier 170 Klasse betreit. Dat läit nettement iwwert deem, wat virun zéng Joer nach de Fall war. D'Zuel vun de Schouklasse hält jo zou, an dommadder d'Uspréch un d'Inspektorat och.

Wann een dann nach derbäirechent, dass den Inspekter net nëmme zoustänneg ass fir de Primaire mä och fir de Préscolaire, an dass mer och de Précoce, wann ech richtig informéiert sinn, mat abannen an de Préscolaire, da gëtt dat eng zousätzlech Erausforderung fir déi Hären a fir déi Dammen, déi an den nächste Joren Inspekter spillen an Inspektorat ausüben müssen. Wa mer dann deen een Inspekter derbäi rechnen, d'Nummer 19, deen d'Europaschoulen an d'international Schoule betreit, dann ass dat e Mann, dee bestëmmt éischter eng diskret Missioun um pädagogesche Plang huet, e Verbindungsman, dee wahrscheinlech net de Courage huet, fir Kontroll auszeüben op dat, wat an deene Schoulen do leeft, an deen och net d'Missioun huet, fir déi Kontroll auszeüben, an trotzdeem ass et awer en Domän, dee ganz wichteg ass.

Dowéinst hätt ech mir virstelle kënnen, dass een d'Zuel vun deenen Arrondissementen an d'Luucht gesat hätt. Ech mengen, et wär dem Enseignement domat gedéngt gewiescht.

Zweete positive Punkt sinn déi inspektesch Posten, déi, wéi am Text steet, "fir spezifesch Missiounen virgesi sinn", déi hors cadre lafen. Do stellt sech d'Fro vum Retour vun deene Leit an den normale Kader. Déi Neigliderung geschitt jo nëmmen, wann eng Vacance de poste ass. Ech ka mer virstellen, Mme Minister, dass do kee Problem ass, wann Der zwee där Leit huet. Wann et der méi sollt ginn, dann ass dat vläicht awer en Tremplin, vun deem een net méi esou liicht erofkënn, fir nees zrëckzegoen an déi normal Carrière. Or, mengen ech, dass déi Posten an Zukunft ëmmer méi eng grouss Wichtigkeet kréien, well d'Verbindungen tëschent dem Ministère an dem Primaire, Précolaire a Précoce jo awer och mussen assuréiert ginn um pedagogesche Plang, um Niveau vun der Recherche, um Niveau vun neie Konzepten, déi entwéckelt ginn, um Niveau vun de Kontakter mam Ausland.

Dowéinst d'Fro, ob Der der Meenung sidd, dass et bei deenen zwee Poste bleiwe soll oder ob ee se kann an d'Luucht setzen? Wa jo, wéi? D'Méiglechkeet besteet jo. A wéi gesitt Der dann deene Leit hir Carrière?

Dann drëtte Punkt: déi regional Bürouen an hir Sekretariater. Déi regional Bürouen, dat ass scho gesot ginn, si ganz ganz wichteg an der vun deem Fonctionnement, deem bis elo d'Inspektorat ënnerworfen war, bon gré, mal gré.

Déi regional Bürouen ginn dann elo d'Ulafstatiounen fir d'Léierpersonal. Si ginn Ulafstatiounen fir d'Gemengen, fir d'Commission médico-psycho-pédagogique, fir d'Elteren a fir d'Kanner natierlech. Si ginn dermat chargéiert, fir eng Dokumentatioun opzebauen, fir Statistiken ze erstellen, fir Informatiounen un d'Elteren erauszeginn, an esou weider. Si stellen e Gelenk duer tëschent Stat an tëschent dem Primaire a Précolaire, an se mussen dann och gutt dotéiert si mat Leit, déi capabel sinn, fir do ze schaffen.

D'Fro, déi sech stellt, ass, ob ee Sekretär, dee virgesinn ass, duergeet, fir dat ze verwalten, oder ob een net soll e gréissere Staff dohinner setzen, well d'Verbindung mat deene schwierige Gruppen an deenen Institutiounen wéi d'Commission médico-psycho-pédagogique an och d'Verbindung mat der EDIFF, déi mussen gehale ginn, also ob mat där klenger Verwaltungsstruktur awer deene Bürouen e richtegen Déngscht geleescht ass, dat muss ech se froen?

Déiselwecht Fro kann een och stelle bei der Organisatioun vum Collège des Inspecteurs. Do kritt een Inspekter an halwe Kader fir d'Sekretariat, wann ech dat richteg gelies hunn, an zwar gëtt de Fonctionnement iwwer Règlement grand-ducal geregelt. Firwat kritt dee Collège des Inspecteurs net e Secrétaire administratif sui generis, deen dann net de Sekretär ass vum nationale Büro, mä wierklech vum Collège des Inspecteurs? Firwat kacht dee Collège

des Inspecteurs net seng eegen Zopp a mécht dann och säi Rapport a verléisst sech op dee Beamten, deen dat da rapportéiert an et weidergëtt un déi Plazen, wou déi Aarbechte vum Collège des Inspecteurs sollen Afloss kréien? Den Nationalbüro huet zwee Employés à mi-temps, an dee soll och d'Région centre betreien. Domat hunn déi zwee Leit Aarbecht genuch an den Nationalbüro och.

Dat sinn zwou Froen, déi sech op d'Verwaltung bezéien.

D'Mme Durdu huet vun de regionale Bürouen geschwat a gesot, déi Problemer wäer geléist. Et bleiwen awer nach e puer Siten ze déterminéieren. Iwwer verschidde Sitë sinn ech ganz frou, dass se esou gewielt sinn. Bleift de Regionalbüro Norden, Südwesten a Südosten. Wat si mir fir e grousst Land! Gëtt et scho vläicht Plazen, wou déi hikomme sollen? Do kënn sech jo an der Zwëschenzäit munches gedoen hunn.

Eppes ganz Positives ass, dass déi regional Bürouen zesumme schaffe mat der Commission médico-psycho-pédagogique an och mat der EDIFF, an dass wa méiglech déi dräi Institutiounen solle beienee lokaliséiert ginn.

Eng Kollaboratioun tëschent deenen Institutiounen, dem Léierpersonal an deene Leit, déi um pedagogeschen a schouleschen Terrain schaffen, ass absolut noutwendeg an all Zersplitterung ass schlecht. Et wär och falsch wann, an dat riskéiert awer esou ze kommen, op eemol héichgerechent géif ginn, deen ee schafft am EDIFF, deen anere schafft am Primaire oder am Précolaire an et mussen Leit ausgetosch ginn, et mussen Stonnen ausgetosch ginn. Da gëtt et leschten Enns eng Rechnung, wat d'Gemeng vu Staatsarbecht mécht, respektiv wat mécht de Stat vun Aarbecht fir d'Gemengen? Dat kann désastréis sinn, wa mer dohinner kommen. Ech weess, dass d'Mme Minister dat och net wëllt. Dat sollt een och vun elei aus eng Kéier betounen.

E ganze Koup positiv Punkte stinn an deem Gesetz. Iwwert dat Gesetz elei kann ee munches bewegen. Et hätt ee, menger Meenung no, awer wierklech nach méi kënnen maachen, e bësse méi aggressiv drun erugeen an dem Inspektorat nach méi eng grouss Funktioun ginn, och méi Méiglechkeeten opmaachen.

Ech wollt ganz zum Schluss e Problem opwerfen, vun deem ech weess, dass et en däregen ass a wou mer och kee Konsens an der Chamber kréien, mä et ass awer de Moment fir et trotzdeem ze soen. Et ass e Problem, mat deem d'Gemenge geplot sinn, mat deem d'Inspektoren geplot sinn, d'Ministère geplot sinn an d'Enseignante geplot sinn, virun allem awer déi, déi eng Plaz an der Schoul am Primaire oder am Précolaire sichen.

Jidderee weess, dass d'Inspektoren d'Lëscht vun de Kandidaten opstellen, dass déi Lëscht e Klassement begräift, an dat Klassement de Gemengeréit virgeluegt gëtt. Dann hunn d'Gemengeréit d'Wiel fir ze stëmmen. Tëscht deenen dräi éischte kënnen se dann hire Choix treffen. Dee Vote, deen ass secret.

Da geschitt Folgendes, wann d'Prioritéiten net agehale gi vun deem Vote, dann ass net dat agehale ginn, wat hätt misse gemaach ginn. Dann ass dat esou. An da kréie mir als Buergermeeschter, als Gemeng, eng schrëftlech Erklärung gefrot an déi schécke mir dann un de Ministère. Ech wëll elo net op all déi Logik agoen, déi do derhannert stécht, mä et misst ee mir emol erklären, wéi ech soll oder wéi iergendee Schafferot d'Logik vun engem Vote secret soll plausibel duerleeën. Dat huet nach kee fäerdeg bruecht, fir dat ze erklären. Et kënnt een elo soen, et misst een en Appel un all Conseiller maachen. Deen Appel ass gutt, esou laang wéi een e Bléck op hire Stëmmziel werfe kann. Wann een dee Bléck awer net huet, beim beschte Wëllen dann ass d'Disziplin hifälleg.

Ech wollt just eng Kéier dat opwerfen, fir dorop hinweisen. Vläch huet d'Mme Minister do de Stein der Weisen fonnt a wäert eis munch interessant Explikatiounen derzou ginn.

Dat gesot, bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Gesetz.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Claude Meisch.

**M. Claude Meisch (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech der Presidentin a Rapporteuse, der Mme Agny Durdu, félicitéiere fir hire schrëftlechen a mündlechen Rapport. E war wéi ëmmer, ganz einfach gutt.

Am Virfeld vun dësem Projet war d'Feststellung, dass hautdësdaags d'Inspekteren net genuch um Terrain, dat heescht an der Schoul present wieren, well hir administrativ Aufgabe si vill Zäit kaschte géifen. Or, et gëtt ëmmer méi Problemer, deene sech d'Inspekteren unhuele mussen. D'Schoulpersonal, d'Elteren an och d'Gemenge brauchen hire respektiven Inspekter ëmmer méi dacks. Allerdings ass d'Missioun vun engem Inspekter ze wichtig, dass se sech zevill mat administrativen Aarbechte beschäftegen.

An dësem Sënn géing ech gären drun erënneren, dass de Statsrot schonn a sengem Avis vum 6. Juni 1993 zum Projet iwwert d'Créatioun vum Collège des Inspecteurs de l'Enseignement primaire sot: "Le Conseil d'Etat exprime le souhait que les inspecteurs se consacrent prioritairement à leur mission première consistant en une présence sur le terrain et que les autres missions ne prennent pas l'ascendant sur leur fonction essentielle."

Ech kann an dësem Sënn d'Wierder vun der Mme Brasseur an hirer deemooleger Funktioun als DP-Deputéiert nëmme widderhuelen: "D'Presenz um Terrain ass fir mech déi wesentlichste Aufgab vun engem Inspekter".

E Contrôle ass noutwendeg, wa mer e gudde Fonctionnement vun alle Schouklasse wëllen assuréieren. "Gott sei Dank" - an hei zitéieren ech d'Mme Brasseur an hire Wieder - "gëtt et eng ganz Rei vu Schoulmeeschteren a Léierinnen, déi ënnert schwielege Bedingunge Schoul ha-

len, mä et gëtt och anerer drënner, déi dat net maachen. A wann do net e Kontrollmechanismus agefouert gëtt, da gëtt pauschal veruerteelt, och déi, déi hire Métier excellent maachen, gi pauschal mat veruerteelt. Ech fannen, dat hunn déi Leit, déi eng gutt Aarbecht maachen, net verdingt."

Dës Äusserunge woren 1993 aktuell, wou d'Chamber d'Schafung vun engem Collège des Inspecteurs an d'Eropsetzung ëm eng Unitéit vun der Zuel vun den Inspektoren votéiert huet, an dofir ass et ëmsou méi begreissenswäert, dass de virleende Gesetzesprojet a fënnef Punkte prezis festhält, wat d'Missioun vum Collège des Inspecteurs sinn:

1. D'Koordinatioun vun der Surveillance vun de Schoulen an der pedagogescher an administrativer Aarbecht vun den Inspektoren.
2. D'Ausschaffe vun Avisen iwwer Froen, déi den Educationsministère eragëtt.
3. D'Zesummestelle vun Donnéeën, déi zur Organisatioun an der Definitioun vun de pedagogeschen Orientatiounen bäidroen.
4. D'Schafe vun engem administrative Support fir d'Inspektioun vum Enseignement primaire.
5. D'Kontributioun zur Formation continue vun den Enseignanten.

Zu dëse fënnef Missiounen ziele mer nach eng sechst, déi vum Statsrot a sengem Avis zum Projet iwwert d'Créatioun vun enger Réserve nationale de suppléants gemaach gouf, an zwar soll et och d'Aufgab vum Collège des Inspecteurs sinn, fir sech souwuel un der Organisatioun vun der Formation en cours de service vun de Chargés de cours wéi och un der Gestiou vun der Réserve nationale ze bedeelegen.

Dës klor definéiert Kompetenze vum Collège des Inspecteurs setzen de Kader fir d'Aarbecht vun dësem Collège.

Dëse Gesetzesprojet bedeit awer och, dass eng Neiadaptatioun un d'Realitéit an d'Besoinen vun enger Schoul, déi a permanenter Evolutioun ass, virgeholl gëtt. Ech wëll drun erënneren, dass deen ale Gesetzestext a kenger Hilsicht enger ganzer Rei vu Kritäre Rechnung dréit, déi awer ausschlaggebend sinn, fir e gudde Fonctionnement vum Collège des Inspecteurs ze garantéieren.

Ech denken hei méi spezifesch un déi demographesch Entwécklung vun der Population scolaire, awer och un d'Afféierung vum Enseignement précoce a ganz besonnesch och un d'Procédure d'orientation am 6. Schouljoer. Eleng dës dräi Moossnamen fuerderen eng schnell an effikass Adaptatioun, esouwuel bei der Zuel vun den Inspektoren wéi och bei der Zuel vun den Arrondissements d'inspection.

Hei e puer Zuelen als Beispill: 1995/1996 ziele mer am Préscolaire 9.882 Schüler. 2000/2001 sinn et der schonns 13.083. Am Primaire hu mer am Schouljoer 1995/1996

27.844 Schüler an 2000/2001 sinn et der 31.217. De Précoce zielt 2000/2001 ëmmerhin 2.377 Kanner.

Grosso modo kann een un Hand vun dësen Zuele feststellen, dass d'Zuel vun de Schüler an deenen eenzelnen Ordres d'enseignement konstant a kontinuëerlech an d'Luucht geet.

Mat dëser Informatioun a mam Wëssen, datt Lëtzebuerg seng Gesamtpopulatioun an deene kommende Jore wahrscheinlech nach wäert steigern, musse mer dovunner ausgoen, dass dës Entwécklung och fir eise Schoulsystem e gewëssenen Défi duerstellt, deem mer onbedéngt musse Rechnung droen.

Haut si schonn 37% vun eiser Populatioun d'origine étrangère; 13,2% vun eise Bierger gehéieren der portugiescher Communautéit un; 4,6% der italienescher, an 10,4% kommen aus der Belsch, Frankräich oder Däitschland.

Eise Schoulsystem ass gefuerdert. D'Programmer ginn adaptéiert. D'Léiere vu Friemsproochen gëtt intensiv gefördert. Lëtzebuergesch déngt als Émgangssprooch fir d'Integratioun vun all de Kanner an eis Schoulen an an eis Gesellschaft ze ënnerstëtzen. An deem Sënn ass et evident, datt den Educatiounsministère och den Encadrement vun eise Schoulen der Realitéit muss upassen. Grad esou wichteg ass et awer, datt genuch Inspekteren do sinn, déi d'Responsabilitéit an deenen eenzelne geschafenen Arrondissementen kënnen assuréieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetzestext kréie mer lo een Inspecteur général, 19 Inspekteren, dovunner 18 mat enger territorialer Affectatioun, an den 19., dee sech ëm d'Ecole Européenne, d'Privatschoulen an d'Ecoles à régime linguistique bekëmmert. Weider zwee Inspektoren kréie spezifesch Missiounen zougewisen. Als Demokratesch Partei si mer iwwerzeegt, dass dës nei Opdeelung an déi zousätzlech Inspektoren vill dozou bäidroen wäerten, datt se hirer Tâche als Conseiller pédagogique besser kënnen gerecht ginn.

Mä och fir d'Kanner mat Léierschwieregkeeten an dem Encadrement vun de jonken Enseignanten, déi am Ufank vun hirer Carrière stinn, wäert dëst Gesetz wäertvoll Déngschter leeschten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e weidere wichtigen Objectif, dee sech den Educatiounsministère mat dësem Projet ginn huet, ass eng akzentuéiert Regionaliséierung vun de Servicer vum Collège des Inspecteurs. An anere Wieder d'Augmentatioun vun der Zuel vun den Arrondissementen, déi ech schonns kuerz erwähnt hunn, an d'Créatioun vun engem nationale Büro zu Walfer a sechs regionale Büroe fir d'Inspekteren. Ech sinn iwwerzeegt, dass op dës Manéier déi eenzel Inspekteren hir pädagogesch Missioun verdéiwe kënnen an d'Eltere souwuel wéi och d'Gemengen an engem intensiven an effikasse Kontakt mat deem respektiven Inspekter vum Arrondissement stinn. Dat dréit natierlech zur Effikassitéit an och zur Transparenz vum Schoulsystem bäi. Age-

bonnen an dës regional Servicer sinn - an dat ass ze begreifen - d'Servicer vum SREA an och vun de CMPPen.

Här President, alles an allem steet dëse Projet fir eng regionaliséiert an effikass Informatioun fir d'Elteren, eng méi effizient a rationell Notzung vun de besteende Ressourcen, eng verbessert Gestéioun vun eise Primärschoulen, an eng grouss Presenz vun den Inspekteren an eise Schoule schlechthin, wat jo schonns en éischt Uleies vun dësem Projet ass. Doduerch gëtt eng optimal Concertatioun a Kommunikatioun tëschen alle Schoulpartnere eréischt méiglech. Dat heescht, mat dësem Projet gëtt d'Viraussetzung geschaf, fir zesummen un engem Schoulsystem ze schaffen, deen op déi eenzel Besoinen an Demanden, déi d'Realitéit um Terrain stellt, ageet.

Aus dëse Grënn stëmmt d'demokratesch Fraktioun dëse Projet. Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**(M. Jean Spautz reprend la Présidence)**

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombero agedroen. Den Här Colombero huet d'Wuert.

**M. Jean Colombero (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt eise Merci un d'Rapportrice vun dësem Gesetzesprojet, d'Mme Agny Durdu, fir hire mëndlechen a schrëftleche Bericht.

Wann een dëse Gesetzestext vun der Grondphilosophie hier studéiert, datt eng nei Struktur entsteet mat enger méi grousser Zuel vun Inspekteren, mat neie Missiounen, an d'Schafe vu sechs regionale Büroe fir d'Infrastruktur ze verbesseren, an esou méi no zum Bierger ass, da kann een ouni Weideres seng Zoustëmmung zu dësem Projet ginn. Bei enger méi detailléierter Analys vum Text kënnt een awer lues a sécher an d'Labrenten. Ech wëlt hei versichen, fir déi Schwaachstelle vun dësem Projet ze analyséieren an ze definéieren.

1970 war d'Uleies vum Législateur, an der Moyenne een Inspekter fir 125 Klasse virzegesinn. Am Exposé des motifs seet d'Regierung, datt, wann een d'Zuel vun den Inspekteren erhéicht - et waren der 1970, wéi gesot, fofzëng an 1993 siechzëng, an elo mat dësem neie Projet 19 Inspekteren -, wéi et elo de Fall ass, da kënnen sech d'Inspektoren méi hirer Aarbecht als pädagogesche Beroder widmen. Dat wier ënner anerem och zum Virdeel vun de Kanner mat Léierschwieregkeeten a vun de Schoulmeeschteren am Ufank vun hirer Carrière. Elo ass et awer esou, dass, wann 1970 mat 15 Inspekteren een Inspekter fir 125 Klassen zoustänneg war, haut am Joer 2002 mat 19 Inspekteren - dat sinn der véier méi -, een Inspekter fir 149 Klassen zoustänneg ass, well jo méi Klasse wéi fréier do sinn. Also méi Inspekteren, awer dofir méi e grousst Ëmfeld. Dat féiert schlussendlech net zu enger Verbesserung, wéi d'Regierung dat virgesäit, mä zu enger manner grousser Qualitéit.

De richtege Schratt wier gewiescht, 23 Inspekteren ze nominéieren - den Här Scheuer huet doriwwer schonn e



Wuert gesot -, also nach e Plus vu véier, wat do pro Moyenne een Inspekter fir 125 Klassen duergestallt hätt, wéi dat 1970 vum Parlament virgesi war.

Deen zweete Schwaachpunkt vun dësem Gesetz: D'Missioun vum Collège des Inspecteurs. Et ass sécherlech ze begreifen, datt de Collège des Inspecteurs fir d'Koordinatioun vun der Weiterbildung vun de Schoulmeeschteren a Schouljoffere responsabiliséiert gëtt. Wann een awer méi wäit kuckt, da kéint ech awer déi berechtigt Fro stellen: Wien ass da fir d'Weiterbildung vun den Inspekteren zoustänneg? D'Inspektore gi jo vum Grand-Duc nominéiert. Ass den Inspekter och gebonnen, fir sech weiterzebilden, an esou eng méi objektiv Approche zum Léierpersonal ze hunn? Gëtt do an déi Richtung, Mme Minister, eppes ënnerholl oder net?

En drëtte Schwaachpunkt am Kader vun de Missioun vum Collège des Inspecteurs ass deen heiten: Et gëtt gesot, datt de Collège des Inspecteurs d'Missioun huet, d'Iwwerwaachung vun de Schoulen ze koordinéieren an zu gläicher Zäit och déi pädagogesch an administrativ Aarbecht vun den Inspekteren - ech betounen: vun den Inspekteren an hirem respektive Ressort. Dat ass fir mech e staarkt Stéck. De Collège des Inspecteurs besteet aus 22 Inspekteren, dovun sinn 19 regional tätig. Déi sollen hir eegen Aarbecht koordinéieren, an esou hir eegen Aarbecht och selwer kontrolléieren, ob si selwer gutt geschafft hunn. Dat ass wierklech fir mech d'Welt op de Kapp gestallt. En Inspekter soll kontrolléieren, ob hie selwer seng Aarbecht gutt gemaach huet. Do muss ee sech awer déi berechtigt Fro stellen, wéi héich déi Lat ass, déi d'Inspektore sech stelle wäerten.

Dat heiten, Mme Minister, ass awer de Geck gemaach mat deenen anere Leit, déi op hirer Aarbecht fir dräimol näischt bei de Patron geruff ginn an do eng Ruge kréien.

De véierte Schwaachpunkt ass de Fait, dass de Sekretär vum Collège des Inspecteurs en Inspekter vum Primärschoulunterricht ass. Här President, mir wëssen allegueren, datt de Sekretär, egal bei welchem Club oder egal bei welcher Institutioun och ëmmer deejéinegen ass, deen déi gréissten Aarbecht muss maachen oder mécht. Hei wäert et och sou sinn, dass de Sekretär vum Collège des Inspecteurs déi meeschten Aarbecht muss bewältegen. Well hien awer och en Inspekter vun engem Arrondissement ass, ass et de facto schwéier, fir zwou Rolle gutt ze erfëllen: Éischtens d'Aarbecht vum Sekretär, an zweetens d'Aarbecht vum Inspekter a sengem Bezierk. Do wäert héchstwahrscheinlech déi eng oder aner Aarbecht vernoléisseg ginn, zum Nodeel vum Schoulwiesen.

#### **(Interruption)**

Als Noutléisung gesäit awer de Gesetzesprojet am Artikel 10 vir, datt, wann e Besoin besteet, a wa genuch Geldmëttelen zur Verfügung stinn, dann awer een oder méi Employéen agestellt kënne ginn, fir administrativ Aarbecht ze maachen. Och hei gesi mir e weidere Schwaachpunkt.

Et kënne Leit agestellt ginn. Dat heescht net, datt se musse oder sollen agestellt ginn, mä si kënnen agestellt ginn.

Här President, ee Gesetz, wou dat Wuert "kënnen" dra steet, ass ee Gesetz, wat liichtfankeg ëmgoe ka ginn. Dat ass e Gesetz, wou ëmmer eng Dier opsteet, fir dat Gesetz net honnertprozenteg anzehalen.

Mme Minister, dat ass net sou transparent wéi et si misst. Ëm sou méi, wéi hei och déi finanziell Komponent matpillt, dat heescht, wa Suen do sinn, da stelle mir zousätzlech Leit an, a wa keng do sinn, da gi keng Leit agestellt, obschonn de Pensum vun der Aarbecht méi grouss gëtt.

Well ech elo vu Finanze schwätzen, wëllt ech eng Bemierkung iwwert de Loyer vun engem Regionalbüro maachen. De Loyer vun esou engem Büro soll an der Héicht vun 48.000 Frang pro Mount leien, ouni Fonctionnementskäschten. Ech stelle mir d'Fro, wou déi Inspektore vun deene verschiddene Bezierker sëtze kommen. Ee Beispill: Am regionale Büro vum Zentrum si fënnef Inspektore vu fënnef Bezierker ënnerbruecht. Huet hei all Inspekter säin eegene Büro, säin eegene Computer, säin eegene Telefon, säin eegene Mobiliar, säin eegent Material, oder ass nëmmen een Zëmmer fir déi fënnef Inspektore virgesinn? Bei 48.000 Frang de Mount hunn ech d'Impressioun, datt net fir all Inspekter e Raum zur Verfügung steet, esou datt d'Fro sech stellt, wéini d'Inspekteren ze erreche sinn. Den éischte moies vun 8 bis 10, den zweete vun 10 bis 12, den drëtte vun 2 bis 4? Oder schafft den éischte méindes, den zweeten dënschdes, den drëtte mëttwochs, an esou weider? Ech mengen, hei ass déi eng oder aner Iwwerraschung méiglech.

Mme Minister, dese Projet vum Inspektorat wäert eis 90 Milliounen Frang pro Joer kaschten. Mir si bereet, des 90 Milliounen Frang matzedroen ënnert der Bedingung, datt och eppes Positives um Terrain geschéie soll. Mä, Mme Minister, Hand op d'Häerz, sidd Dir an Ärer Philosophie iwwerzeegt, datt déi Suen hei gutt investéiert sinn? Sidd Dir iwwerzeegt, datt d'Schoulwiesen domadder besser gëtt? Wann Dir dovunner iwwerzeegt sidd, wann Dir Är Hand an d'Feier kënnt leeën, datt dese Projet e gutt Resultat ervirbréngen wäert, da si mir och bereet, dese Projet matzestëmmen.

#### **(Interruptions)**

Erlaabt eis awer e klengen Gedankegang, e Gedankegang, deen eis an eng Situatioun versetzt, déi méiglech ass. Zum Beispill, e Schoulmeeschter, deen näischt wäert ass, dee seng Missioun net erfëllt, duerch verschidden Ursaachen - dat sief dohinner gestallt, ech wëll hei keng Polemik opwerfen. Welchen Handhab huet den Inspekter op dese Schoulmeeschter? Welchen legalen Basis huet den Inspekter fir dem Schoulmeeschter an d'Gewëssen ze schwätzen? Wat geschitt mat de Schüler, déi den Affer vun deem Schoulmeeschter ginn, dee seng Missioun net eescht hëlt? Wat geschitt mat de Reklamatiounen vun Elteren, déi

sech beim Inspekter heefen? Wat mécht de Ministère an dësem Fall?

Dat ass, Mme Minister, dee wonne Punkt, dee mir mat dësem Projet net léise kënnen an net léise wäerten. Dëse Gesetzesprojet, Mme Minister, kann nëmme fonctionnéieren, wa jiddferee sech senger Aufgab bewusst gëtt, wa jiddfereen e bëssen Idealismus a seng Aarbecht afléisse léisst. Wann awer dës Premiss net erfëllt gëtt, dann hu mir, Mme Minister, 90 Milliounen Frang zum Kamäin erausgehait ouni iergendee Resultat erreecht ze hunn. Loosse mir eis awer iwwerraschen! Mir hoffen, datt déi gutt, déi positiv Kräfte den Duerchbroch schaffe wäerten. A mat dësem Wonschdenke bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

Merci!

**Une voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Robert Garcia agedroen. Den Här Garcia huet d'Wuert.

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem flamenden Inferno vun der Bildungsoffensiv ass elo eng nei Bastioun gefall, nämlech d'Zuel vun den Inspekteren am Primärunterricht. Et ass een hei gudder Hoffnung, dass der züeger Reform vum Schoulgesetz vum 1912 also e weidert Obstakel net méi am Wee steet. Et kann ee sech Hoffnung maachen, dass dës Chamber am Joer 2012, also rechtzäiteg zum honnertsten Anniversaire vun deem Schoulgesetz, en neit Schoulgesetz kéint op de Wee leeden.

Spaass op d'Säit, et handelt sech hei ëm eng Micro-Strukturreform, déi allerdéngs fir d'Aarbecht um Terrain wichteg ka sinn. Mir ginn eisen Aval och zu deenen eenzelnen Aspekter vun deem Projet. Ech wëll awer net elo hei fir d'sechste Kéier nach eng Kéier datselwecht soen, wat meng Virriedner a -riednerin scho gesot hunn. Mir sinn d'accord mat der neier Missioun vum Collège des Inspecteurs. Mir sinn och d'accord mat der Opdeelung vun den Arrondissementen a mat der Regionaliséierung, och d'accord mat der Kompositioun vum Collège des Inspecteurs.

Et hätten natierlech op dëser Plaz och weiderféierend Iwwerleeungen iwwert de Rôle vum Inspektorat am 21. Joerhonnert gemaach kënnen ginn. Déi antiquéiert Roll vum Jonny Kontrolléier, deen do à l'improviste dem Léierpersonal seng disziplinaresch an didaktesch Fähegkeeten in cito kontrolléiere kann, ass jo schonn e bëssen démodéiert. Mir sinn awer am Laf vun de Joerzénge an dat anert Extreem gefall, nämlech mat der Iwwerheefung vum Inspekter mat administrativen a bürokrateschen Tâchen, déi dozou geféiert huet, dass oft Onmutt opkomm ass, well net genuch Plaz an net genuch Zäit bliwwen ass fir déi eigentlech pedagogesch Missiounen. E positive Punkt vum Gesetz ass, dass et zu enger wesentlecher Entlaaschtung um administrative Plang vun den Inspekteren an Inspektesche ka kommen.

Wann ee sech d'Fro géif stellen, wéi en Inspektorat fir muer, da misst een natierlech dat verbanne mat där grousser Fro, wéi eng Schoul fir muer. Et kann een déi zwou Froen net vuneneen dissociéieren. Ech denken, dass mer an deenen nächste Méint a Joren nach d'Geleeënheet wäerten hunn, dat am Zesammenhank ze diskutéieren.

Ech muss drop hiweisen, dass beim PISA-Hearing, deen net an allen Aspekter Neiegkeete bruecht huet, mer opgefall ass, dass den Oberinspektor awer eng ganz Rei vun interessante Froen opgeworf huet. Ech si gespaant, ob déi Diskussioun no dem Vote vun dësem Strukturgesetz nach ka weidergefouert ginn. Ech denken, dass mer déi global Reform vum Gesetz vum 1912 sollen notzen, fir net isoléiert Strukturreformen duerchzuféieren, mä d'Schoulcontinuen an d'Schoulstrukturreformen an engem Kontext ze gesinn.

Ech wëll zum Schluss dräi Stéchwierder an d'Debatt setzen, déi mer ganz wichteg erschéngen an déi de Rôle futur vum Inspektorat kënnen beaflossen. Dat éischt ass d'Organisatioun vun der Affektatioun vum Léierpersonal. Bei dem Gesetz iwwert d'Chargés de cours hat ech dat schonn opgeworf a Form vun enger Motioun, déi leider ofgelehnt ginn ass, well mir der Meenung sinn, dass een zumindest iwwerleeë soll, fir méttelfristeg déi Affektatioun vu Léierpersonal an de Gemengen aus dem Kompetenzberäich vun de Votes secrets vun de Conseils communaux erauszehuelen an enger direkter Kompetenz vun dem kompetente Ministère zouzuféieren. Allerdéngs menge mir net, dass dat soll aus enger zentralistescher Approche eraus geschéien. Mir denken, dass déi regionaliséiert Strukture vum Inspektorat an esou enger Diskussioun eng wichteg Roll kënnen spillen.

Déi zweet Fro, déi ee sech och an Zukunft muss stellen, ass déi iwwert, an et ass jo dat, wat all Mënsch wëllt, eng verstärkt Responsabiliséierung vun den Enseignanten och am Primärberäich. Mir wëllen, dass déi isoléiert Aarbechtsweis vun den Enseignantë soll opgebrach ginn. Mir wëllen déi gemeinsam Aarbecht vun den Enseignantë fördern. Mir wëlle méi Autonomie vun de Gebaier am Primaire am Déngecht vun den Elteren a vun de Schüler. Mir wëllen, dass och am Primaire déi innovativ Projekter, déi et vereenzelt gëtt, méi konsequent ënnerstëtzt a begleet ginn.

Grad do schéngt mer de Rôle vum Inspektorat ganz wichteg ze sinn, well eis Partei wenn sech géint eng einfach Aféierung vu Schouldirektiounen. Mir wëllen, dass déi grouss Schoulgebaier am Primaire zumindest administrativ Strukture fir den Accueil vun den Elteren a vun de Schüler sollen zur Verfügung gestallt kréien, haaptsächlech vun de Gemengen, an dass amplaz Schouldirekten Equipen pédagogiques solle virgesi ginn, déi quasi wéi en hauseegene Conseil d'administration esou eng Schoul féieren, wou dann een Enseignant oder eng Enseignante méi eng grouss Décharge kréich, fir quasi de Rôle vun engem Koordinator oder vun enger Koor-

dinatorin vun esou enger Equipe pédagogique zouerkannt ze kréien. Et wär natierlech ganz wichteg, dass do e Lien zu de Strukture vum Ministère géing bestoen, an dee Lien, dee kann natierlech vorzugsweis iwwert den Inspektorat geschéien, well de Moment hänke jo d'Schoule ganz oft an der Loft, wa se net deen néidege Kontakt hunn zu dem Ministère an haaptsächlech zu esou Strukture wéi dem SCRIPT.

Dat féiert mech zu der leschter Remarque, där vun der Schoulinnovatioun an der Schoulentwécklung. Wa mir wëllen eis Primärschoule méi zu pedagogescher Autonomie hi féieren, wa mer wëllen, dass Equipes pédagogiques um Terrain sollen innovativ Projeten ausdenken a realiséieren, da brauche se en Uspriechpartner am Ministère, well de Moment héiert ee vun de Leit um Terrain, déi esou Projete maachen, dass se oft mussen all hir Informatiounen an och Réckmeldunge selwer siche goen. Dofir hu mir schonn ëmmer gefuerdert, dass et soll e reforméierte SCRIPT ginn, deen eng zentral Dokumentatioun soll zur Verfügung stellen, dass déi Projete solle wëssenschaftlech begleet ginn an och eng Evaluatioun gemaach gëtt, mä dass et awer ganz wichteg ass, dass an der dee-glecher Routine vun esou Schoulentwécklungsprojeten oder Schoulinnovatiounsprojeten den Inspektorat iwwert seng regional Büroer soll méi en dezentrale Lien mat den zentraler Strukture vum SCRIPT hunn.

Mir hoffen, dass an nächster Zäit och emol iwwer esou Saachen nogeduecht gëtt. En attendant stelle mer nach e relativ groussen Diskussiounsbedarf an dem Beräich vum Inspektorat fest, kënnen awer mat den Zilsetzunge vun dësem Projet d'accord sinn an dofir wëll ech d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Urbany.

**M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och mir sinn d'accord mat deem Projet de loi, esou wéi en hei virläit, virun allem well en d'Situatioun définiert par rapport zu de Chargés de cours, also och unzegesinn ass als en Deel vun der Regularisatioun vun de Chargés de cours, fir déi mir och ganz staark agetratt sinn.

Et ass ze hoffen, dass elo d'Situatioun vun deene Chargés de Cours, déi kee festen Aarbechtskontrakt hunn - wat jo nom neie Chargés de cours-Gesetz méiglech ass -, ka geregelt ginn iwwert de Wee vun de Schoulinспекteren am Respekt vun der Anciennetéit a vun hirer bishereger Berufserfahrung, grad esou wéi am Interesse vun engem geregelte Schoulbetrieb.

Et ass ze hoffen, dass hei d'Instrument geschafe gëtt, dass déi ugekënnegt Formation continue vun den Enseignante geschwënn an Ugrëff geholl an nach weider kann ausgebaut ginn. Ech mengen, dat si mer der öffentlecher Schoul schëlleg.

Mme Minister, ech fannen näischt am Projet de loi iwwert de Fonctionnement vun deene Regionalbüroen. Do

sinn all Kéiers e puer Arrondissementen mat e puer Inspekteren, déi zesumme solle schaffen. Déi hätten och Personal an deene Büroen. Et ass net esou klor. Ech hu jiddefalls näischt fonnt, och an deene Reglementen net, déi bäileien, wéi déi Aarbecht soll organiséiert ginn an deenen eenzelne Regionalbüroen, wien do fir wellech Tache verantwortlech ass. Vlächent kënne mir dozou e puer klärend Wieder kréien?

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Erzéiungsministesch, d'Mme Anne Brasseur.

**Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass gutt kënne feststellen als Educatiounsminister, dass een och Projete bréngt, déi d'Unanimitéit vun der Chamber mat sech bréngen, well dat, wat mer haut maachen, jo wuel eppes ass, wou jiddfereen, an d'Riedner vun deene verschid-dene Fraktiounen hunn dat ervirgestrach, dervun iwwerzeegt ass, dass et néideg a wichteg ass.

Ech wëll och der Mme Rapporteur villmools merci soe fir hire Rapport an all deene Leit, déi an der Kommissioun dodru geschafft hunn. Den Här Scheuer huet a senger Introductioun gesot, dee Projet hei wär besser wéi deen, deen d'Regierung déposiert hätt. Jo, dofir froen ech jo och Avisen a si frou op all Avis kënnen anzegoen, well déi Avisé solle jo dozou déngen, Projeten ze verbesseren, well soss bräichte mer jo net op Avisen zrëckzegräifen. Allerdéngs, wa sech politesch Froen stellen, ass et klor, dass e Choix politique muss gemaach ginn. Den amendierten Text, esou wéi e vun der Kommissioun proposéiert ginn ass op Recommandatioun vum Conseil d'Etat, fënnt selbstverständlech meng Approbatioun, well dat en Text ass, dee méi klor ass wéi deen, dee mer am Ufank eraginn hunn. Ech hoffen, dass dat bei deenen nächsten Texten och esou ass, well et huet een au départ eng Iddi an et ass nëmmen an der Diskussioun, wou déi Iddi sech nach ka verbesseren a wou ee besser Texten ka maachen.

Et ass richtig, dass dësen Text bestëmmt d'Schoul net reforméiert. Dat ass och net d'Ambitioun vun dësem Text. Ech wëll Texten bréngen, déi ëmmer e Stéck vun engem ganze Puzzle sinn. Well wann ee waart bis een eng Kéier dat komplett Bild huet, ech fäerte ganz, da maache mer guer näischt an der Schoul an da gëtt alles zerriert. Or, et muss een do den Hiewel usetzen, wou ee weess, dass et noutwendeg ass, an hei wor et noutwendeg. D'Unanimitéit vun der Chamber weist och dorop hin.

Jo, et gëtt gesot, et hätt ee kënne méi wäit goen. Ech wier bescheiden a mengen Ambitioune gewiescht. Ech muss lech soen, ech hu léiwer, et mécht ee kleng Schrëtt, déi ee vun Zäit zu Zäit adaptéiert, wéi wann ee riskéiert iwwert d'Zil erauszeschëssen. Et ass mir och net dru geleeën, administrativ a Strukturwaasserkäpp opzeriichten. Do wëll ech dem Här Colombero soen, well hien huet et net gutt fonnt, dass am Text eng Kann-Bestëmmung ass, fir Personal anzustellen, dass ee kucke muss, ob een

eppes brauch, an eréischt aus der Praxis eraus ergëtt sech dann, ob een eng zousätzlech Persoun muss astellen. Mir kënnen jo awer keen Apparat hei opriichten, deen iwwert d'Zil erausgeet. Hei geet et drëm, sech en Instrument ze ginn, wat derzou féiert, dass mer d'Schoul kënnen besser organiséieren a strukturéieren.

D'Inspekteren, déi haten ëmmer eng wichteg Missioun, mä eng schwierig Missioun. Hir Missioun, déi huet geännert am Laf vun der Zäit a si hunn awer nach ëmmer archaiesch Methode gehat, fir ze schaffen.

En Inspekter hat bis elo kee Büro. En huet dat vun doheem aus gemaach. Dat koom nach vun där Zäit, wou et Här Inspektore goufen, wou d'Fra doheem bliwwen ass, den Telefon opgehuewen huet an d'Doléancen entgéintgehall an opgeschriwwen huet. Et ass esou wéi den Inspektorat fonctionnéiert huet. Dass dat net méi zäitgeméis ass, wësse mer. Ech wëll vun där Geleeënheet profitéieren, fir all deenen Damme merci ze soen, déi onentgeltlech doheem hirem Mann iwwer Jorzéngte gehollef hunn, fir seng Tache am Intérêt vum Enseignement zu Lëtzebuerg ze maachen.

### **(Interruption)**

Mä déi Zäite sinn eriwuer. Den Här Scheuer seet, si wiere bezuelt ginn. D'Inspekteren, déi kruten eng Indemnitéit pour frais de bureau, mä domat konnt een och nach kee bezuelen, a wa se esou bezuelt gi sinn, da wor et och nach Schwaarzaarbecht, well déi Frae wore weder ugemellt nach krute se eng Sécurité sociale, also wor et Exploitation. En Dysfonctionnement nodréiglech, wann ech dat Wuert kéint an deem Zesummenhank gebrauchen. Mä dat ass just méi eng humoristesche Klammer, déi ech wollt opmaachen. Ech wollt wierklech deene Leit merci soen.

Haut kënnen mer awer net méi esou fonctionnéieren an dofir muss d'Zuel vun den Inspekteren éischtens an d'Luucht gesat ginn, fir dass se sech méi kënnen am Secteur këmmen, an zweetens mussen se administrativ entlaascht ginn.

Et ass ganz klor, dass et net drëm geet, all Inspekter e voll équipéiert Büro mat Personal zesummenzestellen. Dofir wëlle mer se regroupéieren, wat, menger Meinung no, eng gutt Saach ass.

De Regroupement schéngt och wichteg ze sinn an de Bureaux régionaux, well d'Iddi ass, all déi Servicer, déi fir d'Schoul a mat der Schoul fonctionnéieren, dass d'Leit do eng Adress hunn, un déi se sech kënnen wenden. Mir hu Plazen, wou et schon am Moment fonctionnéiert, well et ass net gutt, wa Leit, déi Kanner hu mat Schwierigkeeten, mussen bei deenen ee Service goen, da bei een aneren, deenen erëm mam Diagnostik ufänkt. Am beschten ass et, wann déi all énnert engem Daach sinn, an dann hält och dee Kompetenzsträit op. Meng Iddi ass et jo, dass déi Servicer sollen zesumme schaffen, well de But ass jo net de Service a wéi deem seng Kompetenz ass. De But ass engem Kand ze hëllefen. Et muss een ëmmer vum Kand

ausgoen, wat deem säi Besoin ass. Elo kritt een dat awer net an alle Fäll bis an all Dibbelche geregelt, an dofir sinn ech derfir, dass awer eng gewësse Souplesse soll bleiwen, net dass mer ons duerno u stur Reglementer stoussen, déi zwar gutt um Pabeier sinn, mä wou dem Kand leschten Enns net gehollef gëtt.

Ech muss lech soen, dass ech a mengen dräi Joer elo esou vill Eltere begéint hunn, déi e richteg Parcours du Combattant hu misse maachen, wa se Kanner haten, déi an der Schoul Schwierigkeeten haten. Vun engem Service zum anere si se oft gereest. Laang Waardezäiten hu se missen iwwer sech ergoe loosse. Ech hätt gär, dass dat mat der Schoul zesummen organiséiert gëtt, an dofir déi Bureaux régionaux, wou dann och d'Inspektore mat agebonne sinn, well et ass hir Responsabilitéit.

Et ass gefrot ginn, wat den Inspekter fir eng Handhab hätt, wann e seng Mission de contrôle géng maachen a wann en Enseignant net esou géng schaffe wéi e soll. Do spillen déi normal Mechanismen, wat de Statut ubelaangt, an do gëtt et Mechanismen, déi awer net oft genuch gebraucht ginn. Ech hu wierklech ugewisen, dass déi sollen ageféiert ginn am Intérêt vun de Kanner. Dat heescht, wann en Enseignant seng Aarbecht, ob dat am Primaire oder am Secondaire ass, net mécht, dann ass dat, well e sech net un d'Déngschtvirschrëft hält, a wann ee sech net un d'Déngschtvirschrëft hält, dann ass dat e Verstouss géint de Statut, an da muss d'Procédure de discipline déclenchéiert gi mat all deem, wat dat comportéiert. Et kann een näischt anescht selbsterständlech maachen, mä dat muss een awer maachen a mir hunn eng Partie Prozeduren, déi elo lafen.

Den Här Meisch huet a senger Ried dat rappeléiert, wat ech 1993 op där Tribün als Deputéierte gesot hunn, nämlech dass déi, déi hir Aarbecht net maachen, an där gëtt et leider, mussen kontrolléiert ginn, well all déi, déi hir Aarbecht gutt maachen, an haut kann ech dat nach besser feststelle wéi deemools, an et gëtt vill Leit, déi mat Engagement Schoul halen, deenen hiren Image gëtt mat erofgezunn duerch déi, déi hir Aarbecht net maachen. Finalement geet et net nëmmen ëm den Image vum Enseignement, mä et geet virun allem ëm d'Kanner, an d'Kanner hunn e Recht op en uerdentlechen Enseignement. Dofir muss dat och kontrolléiert ginn. Kontrolléiert muss ginn, mä den Enseignant muss och eng Hëllef kréien, well ganz oft ass den Enseignant eleng gelooss vis-à-vis vu Schwierigkeeten, déi en huet mat enger Klass, Schwierigkeeten oft mam Comportement vu Kanner, Schwierigkeeten vis-à-vis vun Elteren. Do kënnen mer d'Strukture verbessern, Gesetzer stëmmen, Reglementer stëmmen, mä jiddferree muss op där Plaz, wou en ass awer hëllefen, well den Enseignement ass d'Affär vu jiddferengem vun de Schoulpartner, och vun den Elteren.

D'Autoritéit vun der Schoul muss erëm hiergestallt ginn. Dat huet näischt mat autoritär ze dinn, mä d'Autoritéit vun der Schoul muss unerkannt ginn. Wann en Enseig-



nant engem Kand eng Strof gëtt, da muss déi Strof och exécutéiert ginn a kann net ënnergruwe ginn duerch Elteren, déi esou eppes net acceptéieren. Mir leeschten domat de Kanner keen Déngscht a mir leeschten der Schoul keen Déngscht. Mir lafen do an eng Richtung, déi wierklech net gutt ass. Gleeft mer, et gëtt esou vill Enseignanten, déi wierklech net méi wësse wou se sti vis-à-vis vun deem ondisciplinéierte Comportement vun de Kanner. Mir müssen de Kanner awer och bäibréngen, dass et Regele gëtt, fir an der Sociéitéit zesummen ze liewen. Do muss mer d'Enseignanten ënnerstëtzen. Si müssen och d'Ënnerstëtzung vum Inspektorat, vun de Gemengen a vum Ministère kréien, mä och d'Eltere müssen do mat spillen. Déi meescht Eltere maachen dat an d'Elteren hätten och gären, dass d'Autoritéit erëm hiergestallt gëtt, well hir Kanner leide selwer drënner, wann déi Autoritéit duerch e puer Leit dauernd minéiert gëtt.

Et ass an der Lescht vill vun Harcèlement geschwat ginn. Et gëtt och Enseignanten, déi vun Eltere regelrecht harcéléiert ginn. Och do muss mer dem Enseignant d'Moyene ginn, fir sech dergéint ze wieren, well doduerch e ganzen Enseignement kann op d'Kopp gehäit ginn, an dat hunn d'Kanner bestëmmt net verdéngt an den Enseignant och net.

Egal wat mer vu Struktur maachen, et ass och eng Affär vu Mentalitéiten, wou mer drop awierke müssen. Alldéngs, fir d'Mentalitéiten ze änneren, an dat ass eppes, wat ech ëmmer soen, muss ee mam gudde Beispill virgoen an et muss ee bei sech ufänken.

Verschiede Froe si gestallt ginn, déi méi punktuell woren, zum Beispill iwwert d'Erreurs matérielles an der Fiche financière. Dat hu mer redresséiert. Effektiv wor do e Feeler geschitt, fir deen ech mech entschëllegen.

Dann ass gefrot ginn, wou Bureaux régionaux genee entstinn. Verschidden Adressen hu mer nach net. Do sinn awer Kontakter mat de Gemengen am gang, fir gutt Implantatiounen ze kréien, déi och geographesch gutt leien.

Dann ass gefrot ginn, wéi dat géing goen, wa Personal do ass, déi eng vun der EDIFF, déi aner vum Primaire, ob et do keng Schwierigkeete gëtt mam Calcul. Do däerf een, menger Meenung no, net klenglech sinn. Et soll ee vum Besoin vum Kand ausgoen, fir dat déi beschte Léisung fannen an dann duerno kucken, wéi een eens gëtt, an net fir d'éischt soen, wien ass da kompetent an dann e Kompetenzsträit vum Stapel loossen, well dann ass d'Kand dat, wat net gehollef kritt. Et ass deen anere Wee, deen ee goe muss. Et ass ëmmer vum Kand, wou ee muss ausgoen, an net vum Kompetenzgerangel, well däärs gëtt et bei deene Leit, déi sech dorëms këmmere, an déi müssen dann hiren Ego an d'zweet Rei stellen an ëmmer drun denken, wéi dem Kand kann am beschte gehollef ginn.

Dann huet den Här Scheuer nach eng Fro gestallt iwwert d'Inspekteren, déi e Klassement ginn. Hei dréint et sech

ëm d'Schoulorganisatioun, wéi d'Nominatiounen vun den Enseignante sinn.

Effektiv ass do eng Incongruitéit an der Gesetzgebung. Do steet nämlech dran, et misst een e Vote motivé ofginn. Or, e Vote muss secret sinn, wann et ëm Persoune geet. Wéi kann een e Vote motivéieren, wann e secret ass? Dat muss mer an der Reform vum Gesetz vum 1912 och kucken, well dat ass einfach e Widdersproch a sech. Ech géing dem Här Scheuer do recommandéieren, et esou ze maache wéi d'Stad Lëtzebuerg dat gemaach huet déi Zäit, wéi ech do wor. Wann e Vote motivé gefrot ginn ass, da wor de Vote motivé esou, dass gesot ginn ass, mä et hunn der véierzeng sech fir dee Kandidat ausgesprach an dräizeng fir en aneren, an domat wor d'Majoritéit bei véierzeng, an da wor dee mat véierzeng gewielt. Dat wor dann d'Motivatioun vun der Stad Lëtzebuerg. Mä nach muss een no deem Gesetz kucken, well dat friséiert awer de Ridicule.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Den Term "motivation" ass béis strapazéiert gi vun der Stad Lëtzebuerg.

**Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.**- Jo, mä d'Gesetz ass awer esou. Et géing een de Secret vum Vote violéieren, wann een dat géing motivéieren. Dat ass eng Quadratur vum Krees, déi an onser Gesetzgebung ass, a mir müssen dee Punkt bei der Reform vum Schoulgesetz ënnert d'Lupp huelen.

Dann ass hei vum Gesetz vum 1912 geschwat ginn, d'Basisgesetz vum Primaire, wou mer am gang sinn drun ze schaffen, wou Groupes de travail lafen. Ech géing mengen, dass mer am Hierscht mat deenen éischten Iddien awer kënnent kommen. Dat ass eppes, wou ee sech soll Zäit loossen. Dat soll een net iwwert de Knéi brieche. Ech wier och frou, wa mer esou vill wéi méiglech do géingen Unanimitéit kréien. Wann dat net méiglech ass, dann huelen ech selbstverständlech gare meng Responsabilitéit, mä dat ass eppes, wat nach dauert.

Jo, d'Schoul muss méi Autonomie kréien. Déi verschidden Acteure mussen méi Autonomie kréien, mä dann awer och d'Moyenen, fir déi Autonomie ze maachen, an d'Responsabilitéit, an och Kontrollmechanismen, well Autonomie kann net dozou féieren, dass dat ausufert an dass jiddferee ka maachen, wat e wëllt. Et ass net esou, wéi d'Autonomie verstane gëtt. Autonomie setzt Responsabilitéit viraus.

Domat mengen ech, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hätt ech op d'Froen all geäntwert. Ech wëll nach jiddferengem merci soe fir déi Unanimitéit.

Ech kënnt mech am Fong haut freeën, mä ech ka mech awer net freeën, Här President, an ech maache Gebrauch vun der Konstitutioun, fir nach ee Wuert ze soen - ee Member vun der Regierung ka jo ëmmer d'Wuert kréien an der Chamber -, an zwar wollt ech lech d'Resultater vum Premièresexame ginn.

Normalerweis ass et esou, dass dat duerch Pressecommuniqué matgedeelt gëtt, mä ech krut elo just d'Resultater. Si sinn nach net detailléiert a si wäerten an engem Pressecommuniqué muer un d'Press goen. Ech wollt se awer der Chamber matdeelen, well ech verschidde Commentairen derzou wollt maachen.

Am Secondaire classique sinn d'Resultater gutt ausgefall mat engem Taux de réussite vu 76,3%. Et kommen elo nach Epreuves complémentaires derbäi. Dat si kleng Epreuves, wat mer fréier den Oral genannt hunn, esou dass mer op engem Taux de réussite sinn, deen d'selwecht ass wéi d'lescht Joer, an d'lescht Joer wor e gutt Joer.

Wann ech awer gefrot hunn, fir d'Wuert ze kréien, dann ass et, fir lech ze soen, dass am Secondaire technique d'Resultater net gutt sinn. Dat ass eppes, wat mech wierklech net erfreet. Mir haten zejoer am Régime technique vun deenen, déi et direkt gepackt haten en Taux vu 65,1% an dëst Joer sinn et nëmme méi 61,7%. Dat ass nach liicht besser wéi d'virlescht Joer, wou et nëmme 61,1% waren, mä et ass net gutt an ech fannen, dat ass e Resultat, mat deem ech mech net kann zefridde ginn.

Am Régime vum Technicien, do ass et franchement erschreckend, an ech géing souguer soe katastrophal. Mir hunn do nëmme en Taux de réussite directe vu 56,2%. Dat ass nach ëmmer besser wéi d'Joer 1999/2000. Dat ass awer keen Trouscht. Ech wollt lech dat hei matdeelen, fir lech ze soen - an ech hunn dat schonn annoncéiert bei de statisteschen Donnéeën, déi ech virgeluegt hunn, wou mer jo enorm Echecs scolaires feststellen -, dass dat keng Fatalitéit ass an dass mer deen Echec scolaire net einfach esou kënnen hinhuelen. Dofir wäert ech am September bei der Rentrée eng ganz Partie Moosnamen ukënnegen, wéi mer kënnen géint deen Echec scolaire virgoen. Sécherlech net andeem mer d'Affär méi einfach maachen, d'Lat erofsetzen, mä sécher ass, dass d'Schoul och muss verschidden Äntwerte ginn. Ech fannen et einfach net normal, ech géing souguer soen, inacceptable, wann ee bis zum Schluss kennt an e Bac technique ka maachen an do nëmme 56,2% direkt duerchkommen, dann ass am Parcours eppes geschitt.

Dat kann ons net indifferent loossen. Ech hoffen, dass ech och d'Ennerstëtzung vu jiddferengem fannen, fir eng ganz Rei Mesuren duerchzezéien, déi am gaang si préparéiert ze ginn, fir dass mer an der neier Rentrée en aneren Elan kënnen huelen, well mir brauchen nämlech eng Schoul vum Succès, fir déi ech antrieden, eng Schoul fir jiddfereen, wou jiddfereen eng Chance huet, à condition dass en eng Hand mat upaakt, mä e System, wou mer um Schluss vum Joer feststellen, dass nëmme 56,2% direkt réusséieren, ka mech als Minister vun der Educatioun op kee Fall zefridde stellen, au contraire, et mécht mech méi wéi nodenklech.

Ech wëll awer mat enger positiver Note ophalen an all deenen, déi den Examen dëst Joer gepackt hunn, vun Häerze félicitéieren.

Merci villmools.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun dem Article unique vum Projet de loi 4901 a stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4901.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Emile Calmes), Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry (par Mme Lydia Mutsch), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Jean-Pierre Koepp), Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);*

*M. Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

**(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mueren um 9 Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 17.59 heures)**